N°4011
Luxembourg, le 29.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.04.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet an un den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil weiderzeleeden.

D'weiblech Genitalverstëmmelung ("Female Genital Mutilation" – kuerz "FGM") ass eng schwéier Verletzung vun de Mënscherechter an eng Form vu geschlechtsspezifescher Gewalt. Och wann dës Praxis zu Lëtzebuerg verbueden ass, bestinn nach ëmmer Risiken, besonnesch am Kontext vun zougezunne Leit mat verschiddene kulturellen Hannergrënn.

Rezent Recommandatioune vun UNICEF[1] weisen drop hin, datt eng besser Koordinatioun tëscht de verschiddene concernéierte Secteuren (Gesondheet, Sozialwiesen, Educatioun, Justiz) noutwenneg ass, fir souwuel d'Präventioun wéi och d'Erkennung an d'Prise en charge vun de betraffene Persounen ze verbesseren.

An deem Kontext géife mir de Madamme Ministeschen an dem Här Minister follgend Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Moossname ginn aktuell geholl oder si geplangt, fir d'Präventioun an d'Sensibiliséierung ze verstäerken, besonnesch a Kooperatioun mat de concernéierte Communautéiten?
2. Wéi eng Initiativen ginn et, fir d'Formatioun vu Professionellen an dësem Kontext ze stäerken z.B. am Gesondheets-, Sozial-, Educatiouns- a Justizberäich?
3. Wéi ginn d'Detektioun an de Schutz vu Persounen a Risikosituatiounen, besonnesch am Kader vun Asyl- a Migratiounsprozeduren, organiséiert a weiderentwéckelt?
4. Ass geplangt, e koordinéierte Parcours de prise en charge fir betraffe Meedercher a Fraen anzeféieren?

Mat déiwem Respekt

| | |
|---|---|
| Claire Delcourt<br>Deputéiert | Mars Di Bartolomeo<br>Députéierten |

[1] UNICEF Luxembourg. (2026). Les mutilations génitales féminines : situation et enjeux au Luxembourg (Rapport). https://www.unicef.lu/site-root/wp-content/uploads/2026/04/2026_01_rapport_MGF_A4_v7.pdf


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu